# En Dementi ouni Rumeur

*Wéi dementéiert een eng Rumeur, vu däer kee Mënsch genee weess, wouranner si besteet? De Cabinet vum Prënz Charles vun England huet dat probéiert. Iwwert d'Resultat kann een de Kapp liicht rëselen. Allerdéngs och iwwert de briteschen Zeitungsmaart an iwwert d'Gesetzer, déi d'Privatliewen nët nëmme vun der Kinnéksfamill solle schützen.*



Keen anere Pressëmarché as esou emstridden an doduercher esou aggressiv a sénger Neiegkeeten-approche wéi den engleschen. Am Ënnerscheed beispillsweis zu Frankräich, wou d'Suën an och e gudden Deel vum politeschen Afloss bei de regionale Blieder leien, bestëmmen a Groussbritannien déi national Zeitungen d'Geschäft. Wéi d'Boulevardspresse mat der Kinnéksfamill a mat der Prominenz am allgemengen emgeet, kann een nët direkt frëndlech nennen.

Heiansdo bezillt si en héijhe Präis fir hier Respektlosegkeet. De Rockmuséker Elton John huet 1987 wéinst Diffamatioun géint *The Sun* geklot. Hie krut nieft enger Entschëllegung op der éischter Säit 1,25 Millioune Pond vum Rupert Murdoch séngem Revolverblad. London as nët fir näischt d'Haaptstad vun de Verleumdungsprozesser genannt gin. Dat huet sech e wéineg berouegt, zanter 1996 e Gesetz gestëmmt gouf, dat en eenheetleche Kader fir Diffamatiounsplaintë sollt setzen. An zanter d'Lady Di hiert d'Liewen indirekt wéinst der Sensatiounsloscht vun der Öffentlechkeet bei engem Autosaccident huet misse loossen.

Ëmmer wann d'Boulevardspresse et besonnesch bont dreift, annoncéieren d'Politiker, elo géif et duergoen, elo géif endlech e Gesetz gemaach

**Bis elo kontrolléieren d'Zeitunge sech selwer iwwert d'Instrument vun der Press Complaints Commission.**

gin, fir d'Privatsphär vun de Bierger, besonnesch deene méi prominenten, ze schützen. An da jäitzen d'Éditeuren nees: "Nëmmen nët!" a verspriechen sech ze besseren. Well bis elo kontrolléieren d'Zeitunge sech selwer iwwert d'Instrument vun der Press Complaints Commission.

Mee wat sech uganks November 2003 ofgespillt huet, as och op der britescher Insel en Novum. An enger Sonndeszeitung sollt eng Geschicht iwwert e héijhe Member vun der Kinnéksfamill publizéiert gin. Mee e fréiere Mataarbechter vum Haff huet duerfir gesuergt, datt d'Zeitung hieren Artikel huet missen zeréckhalen. Allerdéngs nët well d'national Sécherheet um Spill gestanen hätt oder d'Privatsphär blesséiert gi wäer, mee wéinst Diffamatioun. Dowéinst kann ee normalerweis awer eréischt kloen, *nodeems* eng Story gedréckt gouf.

Richteg geckeg gouf déi ganz Affär, wéi dem Prënz Charles säi Privatsekretär en offiziellen Dementi ausgeschwat huet. All d'Ënnerstellungen wäre komplett falsch - och wann hien nët kéint präziséieren, wat fir eng Ënnerstellungen. Zwar wousst a Journalistekreeser bal jiddereen, em wat et géif goen, mee schreiwen duerft keen eppes - ausser de schotteschen Zeitungen, well si nët ënnert den *Defamation Act* vun 1996 falen, jiddefalls soulaang si nët an England an a Wales verkaaft gin.

Op déi Manéier d'Hänn gebonnen ze kréien, gëlt als eng Zort Zensur. Kee Wonner also, datt déi sériéis Blieder sech an déi ruckelzeg Affär agemëscht hun. De lénksliberale *Guardian* huet recherchéiert a wollt den Numm vum fréiere kinnékleche Kollaborateur publizéieren, deen d'Injonctioun géint d'Sonndesblad duerchgesat hat. An nees huet e Geriicht och dës Zeitung opgefuedert, hier Informatioun nët op d'Place publique ze droen. De *Guardian* huet sech juristesch gewiert - a gewonnen.

Domadder as den eintleche Skandal awer eréischt ugaangen. Well elo koum eraus, datt ënnert anerem de Prënz Charles beschëllegt gët, eng homosexuell Relatioun gehat ze hun. Dat konnt een am Internet noliesen an a villen europäeschen Zeitungen. Mee dës Blieder - et waren der am ganze 16 - konnten nët op der Insel verkaaft gin. D'Distributeuren haten Angscht, si kréichen deier Diffamatiounsplaintë op d'Box. An all dat wéinst enger Story, un déi vun Ufank u kee Mënsch gegleeft huet, wahrscheinlech mol nët d'Sonndesblad, dat d'Geschicht wollt publizéieren. An England gin d'Aueren heiansdo iewen e bëssen anescht wéi um Kontinent.

PS: E exzellenten Hannergronnartikel, dee beliicht, duerch wellech Rivalitéiten am Haus Windsor dës ganz Reibergeschicht iwwerhaapt eréischt méiglech gouf, huet den David Leigh am *Guardian* publizéiert:

http://media.guardian.co.uk/presspublishing/story/0,7495,1081698,00.html

*(Fräie Micro um radio 100,7 vum 19. November 2003)*